N°1949
Entrée le 17.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.02.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 17 Februar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz an un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Rezent huet d'ULC doriwwer informéiert, dass den 1. Januar 2025 nei Richtlinne fir d'Entsuerge vu Kleeder an Textilien op europäeschem Niveau a Kraaft getruede sinn. Säitdeem missten de Gros vun den Textilie separat gesammelt ginn an dierften net méi iwwer déi normal Poubellen entsuergt ginn. Bis dass dës Reegel och zu Lëtzebuerg a Kraaft trëtt, sollen d'Leit weider op Offere wéi Kleedersammlungen, Second Hand Geschäfter oder Recyclingszenteren zeréckgräifen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz an dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Sinn zu dëser neier EU Direktiv Sensibiliséierungscampagnë geplangt, déi d'Leit iwwert d'Ännerungen informéieren ?
- Wéi wëll ee kontrolléieren, ob de néidegen Tri bei de Poubelle gemaach gëtt?
- Wéi gesinn d'Madamm Ministesch an den Här Minister déi flächendeckend Disponibilitéit vu Kleedersammlungs-Containeren?
- Vu, dass Kleedersammlungs-Containeren oft iwwerfëllt sinn, gedenken d'Madamm Ministesch an den Här Minister mat de verschiddenen Acteuren zesummen ze schaffe fir d'Unzuel vun dëse Containeren ze erhéijen?
- Existéiert zu Lëtzebuerg eng adequat Infrastruktur fir déi zousätzlech Materialien ze verschaffen an/oder ze transportéieren?"

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu